

## Froen zur Schoulreform am Lycée Technique

Säit 1983 halen ech am Lycée Technique Schoul an hun dofir och schon etlech Reformen materliewt a versicht se ouni gréissere Schued fir mech, meng Schüler a meng Kanner ze iwerstoen. Et sin nach nët vill öffentlech Äusserungen zu der neier Reform komm, an dat huet deelweis domat ze din dass nach villes onkloer as, an domat dass et jo och (wi bei denen anere Reformen) eng ganz Parti gudd gemengten Intentiounen doranner gëtt. Wee kënn dann dergéint sin fir eis Kanner kompetent ze man?

Och ech hun bis elo de Bak gehalen a mer mäint geduecht, mee et schengt mer sou lues un der Zeit ze sin, eng Parti Froen ze stellen, déi fir mech nach keng Äntwert fonnt hun, a mat denen ech nët eleng do stin. Ech hun déi Froen emol onsortéiert zesumme geschriwen an wär frouh aus dem MEN eng Äntwert dorop ze kréien.

Ween huet des Reform gefrot? (d'Elteren, d'Schüler, d'Proffen ? Virwat kennen ech keen dee gemengt huet esou eng Reform misst kommen)

Hu mir de Kanner eppes anescht wi Kompetenze beibruecht di lescht Joerzengten? Virwat gëtt et dann iwerhapt Leit di kompetent sin?

Virwat héieren ech vun de Leit di an de Groupes Curiculaires matschaffen, datt si do dra sin fir dat Schlëmmst ze verhënneren an nët aus Begeeschterung fir d'Reform? (Fir dass kee Mëssverständnis opkënn: dat si Leit di vill schaffen, mat Begeeschterung Schoul halen, opgeschloss fir nei Idie sinn, Leit di ech alleguer héich respektéieren!)

Wat ass gudd drun fir Examen ofzeschaffen, sou dass den éischten Examen am Liewen d'Virstellungsgespréich beim Patron as?

Virwat schrauwen mir an der Schoul d'Ufuerderungen vu Joer zu Joer erof wann et dobaussen am "richtege Liewen" grad emgekéiert as?

Wat mecht d'Reform mat "lern-resistenten" Schüler (Jo dat gëtt et!)?

Virwat gëtt ëmmer gemengt ENG nei Method wär d'Ee vum Columbus fir all pädagogesch Problemer ze léisen? No menger Erfahrung ass eng Vielfalt vu Methoden noutwendeg fir mat de Schüler ze schaffen.

As jemols vum Ministère de l'Education Nationale eng Evaluatioun vun enger Reform gemaach gin? Wann jo, firwat weess keen eppes dovun?

Virwat ännert een ALLES amplatz just dat wat nët gudd as?

Virwat gin auslännesch Expert'en gefrot an nët di Leit an der Schoul ?

Virwat sollen d'Kanner eréischt d'Fuesend eng Zensur kréien wann et scho ganz spéit as (ze spéit fir géigenzesteieren wann eppes schief leeft)?

Virwat solle mir méi Zeit an Energie dorop verwenden fir Kompetenzen ze préifen wi op d'Vermëttelen vu Wëssen a Kënnen?

Wou man all di Schüler hir Stagen? Wou sin all di Betriber déi si wëllen ophuelen?

Virwat kréien di Leit an de Groupes Curiculaires, déi ähnlech Froen wi ech hun, keng Äntwert vum MEN dorop?

Ech hätt nach eng Idi wi sou munches an der Schoul sech giff verbessere loossen: Wann di Leit di Reformen ausschaffen regelméisseg all puer Joer missten de Schreiwdesch géint e Pult an engem Schoulsall tauschen, da giffen se aus éischer Hand matkréien wafir Guddes oder Schlechtes se de Proffen an de Schüler agebrockt hun. Vleicht giffen dann och e puer Détailler am Virfeld besser duerchduecht gin.

JC Feltes,  
Prof. Ing. am LTAM a Papp vu 4 Kanner